

... e bësse rondrëm „eist“ Franséischt?

Datt „mir“ zimlech exakt **op der Kräizung vun deer germanesch-romanescher Kultur** leien, misst am Fong jidderengem bekannt sinn, deen sech eng Grëtz fir d'Vergaangenheet vun deem klenge souveraine Staat intresséiert, deen äis eng dausendjäreg Geschicht hei ge-looss huet.

Datt mir dofir souzesoe „genetes“ en anert Sproochegefill hu wéi dat zu Leipzig, Würzburg oder Berlin de Fall ass, kann ee besser verstoen, wann een sech eng Grimm an déi Rëtsch vun deenen erafillt, déi hei „passéiert“ sinn. Dat waren net ëmmer nëmme d'Germanen, mä d'Kelten, d'Réimer, d'Merowingen ... an duerno dann d'Franken ... Germanen. De Karel de Groussen ass en direkten Nofolger vun deene gewiescht, déi och d'Fransousen um Ufank vun hire groussen Dynastië gesinn. D'Famill vum Grof Sigfrid ass eng „Ardenner“, d'Haus „Namur“. „Mir“ hunn zu deer mëttelster vun deenen dräi „Strëppe“ gehéiert, déi beim Opsplécke vum grouse Karel sengem Räich entstan sinn, also zesumme mat deem „Nord-Loth(a)ringen“ dat sech duerno forméiert huet ... et huet, bis haut, knapps eppes Lëtzebuerg an den Osten ower éischer an de Süden a Weste gezunn. Wéi virum Joer 1000 déi éischt Schoul um Plateau „Almënster“ entstan ass, stong am Akt, datt do **de „françois“ an den „thyois“** misste géleiert ginn ... wat kloer op déi ganz Problematik vun Zweesproochegkeet hiweist. Um „Haff“ hat d'Franséischt ëmmer eng extra Plaz, a bis op déi 80 Joer Afloss vun den éisträicheschen Habsburger (18. Joerhonnert) ass dat och esou bliwwen. Et kann een et dréinen a kéiere wéi ee wëllt: **D'Franséischt huet bei äis op e sëllege Fassongen eng historesch gestackte Plaz.** Et kënnt nach dobäi, datt déi franséisch Sprooch, wéi mir se zënter dem Ufank vun hirer Literatur a Kultur kennen, ganz fréi (anescht wéi d'Däitsch) eng politesch Zentralfro war; datt si zuguadderlescht d'Sprooch vun der Diplomatewelt bis an d'Halschent vum 20. Joerhonnert déi vum Villon, Molière, Rousseau, Voltaire, Hugo, Lamartine, Zola, Camus asw. gewiescht ass, also déi vun den „héige Kreeser“ ... an deenen, déi dozou gehéiere wollten, esouguer de Friedrich de Grousse vu Preussen, dem Voltaire säi Frënd!

Dat 19. Joerhonnert hu „mir“ als „Département des Forêts“ ugefaang. Honnerte vu Lëtzebuerger sinn an **d'Arméie vum Napoléon** gestach oder gelackelt ginn; keen Zweifel, datt do och bei „Klengen“ eppes hänke bliwwen ass, datt mir z.B. a Schrëftstécker vum Michel Rodange e Franséischt fannen, dat ee paff mécht; säi „Schoulfranséisch“ ass bestëmmt net waderdäiwel gewiescht ... ower hie war de Jong vun engem fréieren „Napoleongsdénger“; datselwecht fanne mir beim berühmten Eiffes vu Beafort, deen et esouguer bis zum Sergeant bruecht hat. D'Franséischt huet nom Wiener Kongress vun 1815 ënnert dem Wëllem I. eng politesch Roll vis-à-vis vum Däitsche gespilt, déi mir an de Programm vum Atheneum ermëssen; dat konnten och Direkteren a Professere vun „do iwwer“ net verhënnere. Eis Juristen, Mathematiker an eng Partie Politiker fanne mir dann d'meescht an der Belsch an am Frankräich, d'Medezinner zum groussen Deel och ... a **wien eppes op sech „gehal“ huet**, war mat Franséisch ënnerwee, och wann déi normal Leit dat net am Grëff haten, vläicht grad dowéint!

Wuer sinn eis Meedercher oder d'Handwiersjongen da meeschtens an den Déngscht oder op d'Rull gaang? Duer, wou si hirt Franséisch besser rafe konnten! Wuer hunn déi „besser“ Familien hir Kanner an e Pensionnat geschéckt? ... dat gesi mir an deem excellenten Dokteraarbecht-Buch vun der Madame Josiane Weber, dat äis déi gehuewe Gesellschaft vun der zweeter Halschent vum 19. Joerhonnert (op Däitsch!) intensiv beschreift! Mä et hu fir eis Franséisch-Situatioun an de leschten 150 Joer nach eng ganz Partie aner Elementer mat eragespillt: Besonnesch duerch d'Schoul-Obligatioun an d'Schoulprogramme vun 1883 an 1912 krut d'Franséischt e Rang, deen ëmmer méi wichteg ginn ass. **D'Awanderung vu romanesch-sproochege Leit** war sproochlech éischer op d'Franséischt geriicht, mä opfälleg vill Italiéiner hunn direkt probéiert, Lëtzebuergesch ze schwätzen ... well an hire „Kreeser“ jo och meeschtens Lëtzebuerger waren, déi mam Franséischen net eens gi sinn; dat war zënter de 60er-Joere mat de „lusophone“ Portugisen ower schonn nees anescht gedréint. Och net ze vergiessen, datt haut d'Meedercher an d'Jongen aus alle Schichten och mam Franséischen e systematesch méi laange Schoulokontakt kréien, deen et esou soss net guff ... wat en etlech intressant an nëtzlech akademesch Diplom-Ënnersichunge giff ginn.

An d'Lëtzebuergesch dobäi? D'Preisen hunn sech tëscht 1870 an 1945 och sproochlech bei äis dräimol an de Fouss geschoss ... wat no dräi Generatiounen ower glécklecherweis keng Roll méi spillt; **mat Dosenden däitschsproochegen TV-Programmen huelen si dat vis-à-vis vum Lëtzebuergesch a Franséischen hei am Land erëm op ...** leider och villzevill! Iwwer d'Roll vum Franséische musse mir, op d'mannst, d'Hand halen. D'Lëtzebuergesch war, ass a bleift tëscht deenen dräi Sproochen (an allen aneren) ower den „Integrationsmotor“.

Eng schro d'Fiseminn

Et gëtt nun emol Leit, deene steet de „Grant am Gesiicht“; si hunn eng schro Kuck. Ower well kee sech säi Gesiicht selwer gemaach huet, soll een am Fong net zevill absolutt domat ëmgoen ... bis een e Mënsch e bësse méi genee kennegeleiert huet ... an sech vläicht hannert méi ewéi engem wonnert. Ëmgedréint ass och e „léift Gesiicht“ nach laang net ëmmer eng Garantie fir e schéine Charakter; mir hunn äis alt ewell alleguer, am Gudden wéi am Schlechten, hannert engem versinn ... ower déi zwou Manéiere fir ze kucken hunn dacks och eng Partie Wouer.

Besonnesch wa Leit méi al ginn, ass et méiglech, datt d'Liewen an Erleiftes Spuren an der „Fiseminn“ gelooss hunn, déi Ronschelen oder/a Falen ëm de Mond (plis d'amertume) gemaach hunn ... Munnech eng Boomche gëtt engem domat nach méi sympathesch ... wann

vum Lex Roth



André Faber

dat Bannescht trotz engem vläicht schwéiere Liewe schéin ass. Eng glat Haut ass nun emol net alles, a chirurgesch huet nach knapps een e gutt Gesiicht kritt, a ville Fäll esouguer eng plastiks Bokemaul. Probéiert dat hei emol alles op däitsch/franséisch ze iwwersetzen ... Spass muss jo sinn.

Vill Gedäisch!

An der Lescht ass **vill feierlecht Gedäisch ëm eis Sprooch** gedriwwen ginn. Dat ass jo net schlecht a scho guet net vu Muttwëll ... wéi a wat mir zënter 1970 an deer „Dréisch (Broochland)“ gegruenen, gekappt a gereecht hunn, **pssst!** De Käer vun der Saach bluff schéi brav an der Schuel ... d'Schuel vun eiser Sprooch, dat sinn d'Wëssenschaft an d'Literatur; **de Käer ass den „normale Gebrauch“, vun den „normale Leit“ bei „normale“ Geleeënheeten**, an domat d'Bewosstsinn, datt d'Lëtzebuergesch eng (verstänneg) Plaz bei enger Majoritéit vun den „normale Kosumente“ soll/kann hunn. Dat sinn nun emol ower (leider) net d'Bicherleser (keng 10%) oder d'Theoretiker alias Wëssenschaftler/Linguisten, mä d'Praktiker alias Pragmatiker, mam Gespür fir d'Léieren, also Pädagogik ... ower, wéi huet den Dicks ewell sou verpëtzt gesot: *Wat blénkt, dat geet de Leit an d'An!* An deer nächster KLACK maache mir emol an deem Sënn e lëschtege Verglach mat enger „Sprooch-Pizza“.

Firwat geet net emol ee vun deene Liichtbengelcher an **d'Sproochdäischtert vu virun 1970** a vun do bis 1999 piddelen? Wat war dann do? Wien huet sech drëm bekëmmert? Vu wem, wéi, wou a wéini guffen déi éischt Coursé fir Ausländer organiséiert a gehal? ... net 1999, wéi et an enger Zeitung heescht, 1976!!! Wéi ass et zu eisem Sproochgesetz komm. **Wéi, wou, vu wem, bei wem/wat ass dat schrëftlecht Lëtzebuergesch am gudden Sënn POPULÄR gemaach ginn? Net vu Gedichter, net vu Romanen, net vu Linguistik!** Wéi et schéngt zielen do z.B. Dausende vu Radioemissiounen, Zeitungsartikelen an Iwwersetzungen net. Wou bleibt do déi wëssenschaftlech „Stringenz“? ... oder ganz einfach d'Éierlechkeet. A wéi ass et zugudderlescht mat der Schimmt?! **An deer nächster KLACK (Nummer 200!!!) komme mir nach méi genee dorop ze schwätzen.**

Plakeg Wouerecht

Kann een äis soen, firwat mir am Lëtzebuergesch weder mam Däitschen nach mam Franséischen, och net mam Italiéineschen oder Portugisesche **Famill fir „plakeg“** sinn? Also mat „nackt - nu - nudo - despido“? Dat esouguer an enger Zäit, wou der esouwill dat Plakeg mat engem Ideal fir „Schéinheet“ verwiesselen ... an déi meescht dovun besser hätten, „uewe méi zou“ a vun hanne méi diskret ze bleiwen. Mä, wéi soen d'Leit: Mir liewen an enger anerer Zäit, an et muss een e bësse mat der Moud goen. Dajee alt, ower d'Moud ass nun emol eng Geldgeschicht, déi sech dréint wéi d'Welt rondrëm sech selwer a rondrëm d'Sonn; dofir war alles schonn do ... a kënnt erëm. Domat wësse mir elo nach ëmmer net, wou eise „Plakapp“ an de plakege „Plakebäizi“ an der Kannerbiden oder „plakeg Nuddelen“ hierkommen. Flott wier et, wann een äis dat kënnt schreiwen 😊

Kee „Räif“ gëtt „zeideg“!

„Wat e Wieder!“ soen d'Leit, wann et schmuddeleg-kal-naass dobaussen ass. „Besser wéi keent“, äntwert vläicht dësen oder dee Flautert. Wouer ass jo op jidder Fall, datt et nach ëmmer iergend ee Wieder ginn ass ... an domat och, datt et **an all Sprooch „Wuertfelder“** gëtt, déi sech mam Wieder (an de Liichtverhältnesser) ofginn. Natierlech och am Lëtzebuergesch. Mir brauchen dofir net muttwëlles an d'Däitsch oder soss wou glannen ze goen, wann et sech ëm d'Wieder dréint. Wéi ass et mam „Glëtz“, der „gliddeger Sonn“, „schmeier“, „luusseg“, „fuusseg“, mat de Knëppelsteng, mam „schudderegal“, „stéckseg“ dem „Schlo(e)reen“ asw.?

Dofir wier et net „dolaanscht“, wann eist Léierpersonal **d'Wiederzoustänn systematesch mat de Kanner an eiser Sprooch** giff duerchgoen ... wann et sech selwer vläicht doriwwer méi schlau geng maachen ... oder huet dat net genuch mat „Luxemburgistik“ ze dinn?? 😊 Mir hunn z.B. kee „Räif“ am Lëtzebuergesch, soen ower dacks, et wier „geräift“ dobaussen; de „Reif“ selwer ass bei äis de „Bromee“, wat Famill mam Laténgesche/Franséische „bruma/brume, brumeux“ ass ... hei hu mir et mam typeschen Hin-an-hier an eiser Sprooch ze dinn, sou wéi mir e „Pneu“ a kee „Reef“, mä e „Schlauch“ a keng „chambre à air“ am Lëtzebuergesch hunn. Niewelaanscht gesot: **Et gëtt an eiser Sprooch näischt op Beem an a Gäert oder an enger Situatioun, dat „räif“ ass;** dat war, ass a bleift nun emol „zeideg“. Zevill „normativ“? Nee: Muttwëll.

Fir d'Memberen vun der Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch:

Aus Gesondheetsgrënn am Comité ass

d'**GENERALVERSAMMLUNG**

op déiselwecht Zäit an op deerselwechter Plaz op de

SAMSDAG, 14. JUNI,

verluegt ginn.